CHAMBRE DES SALARIES
LUXEMBOURG

# Discours de Madame Nora Back,

**présidente de la Chambre des salariés,**

# lors de la Réception de Nouvel An de la CSL du 15 janvier 2020

EMBARGO jusu'à 19h00 ce soir

***Seul le discours prononcé fait fois***

**Luxembourg, le 15.01.2020**

Här Staatsminister,
Här President vun der Deputéiertechamber,
Dir Dammen an dir Hären Deputéierten,
Dir Dammen an dir Häre Ministeren,
Léif Ambassadeuren an Ambassadrice,
Liebe Freunde der Arbeitskammer des Saarlandes,
Dir Dammen an dir Hären,
Kolleginnen a Kollegen,

Ech sinn immens frou, iech haut kënnen op eiser Receptioun de Nouvel an ze begréissen a wollt iech fir d'éischt alleguerten nach e schéint a glécklecht neit Joer wënschen.

Ech soe besonnesch dem Fernand Etgen, President vun der Députéiertechamber, an dem Xavier Bettel, dem Premierminister, Merci, dass si sech bereet erkläert hunn, fir den Owend och e puer Wuert ze soen.

Wéi ech d'lescht Joer hei war, hätt ech ni geduecht dass ech haut op dëser Plaz géing stoen. Duerfir ass et mer wierklech eng ganz besonnesch Éier e puer Wierder kënnen un iech ze riichten.

2019 war fir d'CSL e Joer vu ville Verännerungen, souwuel wat di gewielte Membre betrëfft, hiere Comité an hier Présidence,
mee och waat eis Gebaier betrëfft.

Mir sinn am Dezember 2018 an eist neit Gebai vis-à-vis vun de Rotonde geplënnert. E superflott a modernt Gebai, wou vill Cours'en, Reuniounen a Konferenze stattfannen.

E Gebai wat eis och méi Visibilitéit no bausse gëtt mat engem staarken artistësche Message op der Façade : « Sous le haut patronage de nous même ».

Dat Gebai ass an deem éischte Joer schon e volle Succès, d'Säll si vill besat, och vu villen ënnerschiddlechen Associatiounen, bis hin zu kulturellen Aktivitéiten.

Eis Plénière huet och vill nei Gesichter kritt. 35 nei Membere goufe gewielt. An e puer erfuere Memberen hu mer derbäibehalen.

D'Unzuel vun de Fraen déi gewielt goufen ass an d'Lut gaangen, mat enger Steigerung vu 40%, a weist datt mer um richtege Wee sinn.

Beim Undeel vun de Frontaliers'en stelle mer eng weider gutt Entwécklung fest : méi wéi eng Verdueblung vun de Frontaliersmemberen. Och e wichtegt Zeechen no bausse fir ze weisen, dass eis Chamber d'Interessen vun all de Salarié'en zu Lëtzebuerg vertrëtt.

Dat ass positiv ze gesi well mer sou innerhalb vun de gewielte Mem beren d'Realitéite vum Aarbechtsmaart besser reflektéieren.

Dir Dammen an Hären,

Ech si stolz drop kënnen ze soen, datt mir sinn eng wichteg Institutioun sinn.

En incontournablen Acteur am gesellschaftspolitesche Liewen.

EMBARGO jusqu'à 19h00 ce soir

Mir vertrieden all d'Leit, Männer a Fraen, vun de Schüler iwwer d'Apprentien, de schaffende Leit an hire Familljen, bis zu de Rentner.

An dat onofhängeg vun hirer sozialer Schicht, vun dem ekonomesche Secteur an dem se beschäftegt sinn oder waren, vun hirer Nationalitéit, vun do wou se wunnen.

An ech kann an der Zäit wou ech elo dobäi sinn, just soen, dass ech immens frou sinn dierfen en Deel dovun ze sinn.

Hei gëtt Dag fir Dag sou eng interessant a wäertvoll Aarbecht geleescht . Duerfir profitéieren ech och op dëser Plaz dovu fir all deene Merci ze soen déi all Dag dru schaffen eis Chamber no fir ze bréngen.

E grousse Merci un all eis Memberen, un de Comité a virun allem un dat ganzt haaptamtlecht Personal vun der CSL fir hiren Asaz.

Dir Dammen an dir Hären,

Déi wirtschaftlech Entwécklung zu Lëtzebuerg ass positiv, virun allem och am europäesche Verglach.

Zugläich geséit ee leider dass d'Inegalitéite weider klammen. An dobäi hu mer finanziell gesinn d'Méiglechkeet fir méi ze maachen. D'Staatsfinanze gesi gutt aus.

An duerfir brauche mir och eng gutt Investitiounspolitik. Sou hu mir et och an eisem Avis zum Staatsbudget kloer geschriwwen. Mir brauchen Investitiounen :

an d'Innovatioun;

an d'Bildung;

an den Transport an an d'Mobilitéit, an et geet net duer den ëffentlechen Transport gratis ze maachen, e muss och gutt ginn.

an d'Digitaliséierung;

an d'Betriber an onsem Raum am Sënn vun der Produktivitéitsentwécklung;

an eng gutt a staark industriell Basis;

an de Logement;

a gutt ëffentlech Déngschtleeschtungen, eng gutt Gesondheetsversuergung, gutt Crèchen a sozial Strukturen;

a sozial Transferts'en,

a net ze vergiessen Investitiounen an d'Ecologie.

Mee mir gesi net wéi de Budget 2020 do soll Akzenter gesat hunn. Den ass fir eis éischter business as usual.

D'Investissementer sinn et déi d'Zukunft preparéieren, net d'Spueren ;

EMBARGO jusqu'à 19h00 ce soir

Et ka net sinn dass di Haaptvirgab fir d'Budgetspolitik ënnert allen Ëmstänn muss de budgetären Equiliber sinn.
Ob et lo eng schwaarz oder eng rout Null ass ; ekonomesch mécht dat kee Sënn, virun allem am Moment net wou d'Zënsen sou niddreg sinn, bis hin zu Minuszënsen.

Dat gëllt fir Lëtzebuerg genau sou wéi fir Europa.
Déi nei europäesch Kommissioun huet sech jo zu Recht d'Transition écologique grouss op de Fändel geschriwwen.

Da muss se och elo konsequent sinn an de Memberstaaten deen néidege finanzielle Spillraum gewähren.

Investissementer mussen aus der Defizitrechnung eraus.
Eng gutt Budgetspolitik ass méi wéi nëmmen Defiziter ze verhënneren.
Dir Dammen an dir Hären,

Nieft dem ekologeschen Challenge, ass en zweeten, explosive Problem entstanen ass : dat ass d'Entwécklung vun den Inegalitéiten. Hei muss géigegesteiert ginn.

Am Kader vum europäesche Semester muss de Sockel vun de soziale Rechter an Zukunft eng fundamental Roll spillen an net just Dekoratioun sinn.

Initiative wéi en europäesche Mindestloun sinn do ze begréissen.

E Mindestloun dee natierlech muss national definéiert ginn. Ech erënneren drun datt mer zu Lëtzebuerg och nach ëmmer wäit ënnert dem Niveau leie wéi e misst sinn.

Well och zu Lëtzebuerg sinn d'Inegalitéite jo an deene leschten Joren massiv um klammen.

Et ass e Skandal datt mir als e räicht Land wéi Lëtzebuerg ëmmer méi en héijen Aarmutsrisiko hunn. En Aarmutsrisiko deen an deene leschte Jore mat di stäerkste Progressioun am europäesche Verglach huet.

De Ginikoeffizient den Inegalitéiten um Niveau vun de Revenu'en moosst, läit haut och zu Lëtzebuerg e Krack iwwert dem europäeschen Duerchschnëtt ;

Dir Dammen an dir Hären,

d'Steierreform ass sécherlech deen Dossier den eis an deenen nächste Méint wäert am meeschte beschäftegen. Mir wëssen am Moment nach net vill wou et soll higoen.

Mee fir eng zefriddestellend Steierreform ze maache muss eiser Meenung no de Fokus op der Reduktioun vun den Inegalitéite leien.

Ee gerechte Steiersystem kann en Haaptinstrument an der Bekämpfung vun den Ongläichheete sinn. Zu Lëtzebuerg ass dat net de Fall.

Wann mer kucke wéi d'Salaire besteiert gi par rapport zu de Kapitalerträg, da muss ee ganz kloer soen de Steiersystem dréit zum Deel souguer derzou béi d'Inegalitéiten ze vergréisseren.

EMBARGO jusqu'à 19h00 ce soir

•  Mir brauchen eng weider Entlaaschtung vun den niddregen a mëttel Revenu'en am Barème par rapport zu den héije Revenu'en a

•  mir brauchen eng Upassung vum Barème un d'Inflatioun.

Souguer d'Zentralbank seet dass am Fong d'Net-Indexéierung vum Barème eng steierlech Mesure ass an d'Indexéierung vum Barème de Prinzip vun der Neutralitéit respektéiert!

•  Och bei de Monoparentaux muss nach eng Kéier nogebessert ginn. De Steierkredit ass 2017 ugepasst ginn an dës Mesure geséit ee nach net an de Statistiken, mee ech denken, opgrond vun dem extrem héijen Aarmutsrisiko béi deene Menagen, sin hei weider Effort'en néideg.

•  Kapitalerträg, Stockoptions, Plus-values musse seriö besteiert ginn;

•  Iwwert d'Betribsbesteierung kéint ee lo ganz vill soen. Mee virun allem werft se vill Froen op:

o  Wat fir Betriber bezuele wéivill Steieren?
o  Misst d'Betribsbesteierung net adaptéiert ginn un déi nei Entwécklungen an der Digitalisatioun an an der Ekologie?
o  Brauche mer net eng Reform vun der Betribsbesteierung déi méi sozialen an ekologesche Critère Rechnung dréit?

Well dat ëmmer weidert blannt Erofsenken ass an eisen Aen net dee richtege Wee an hëlleft och naischt.

Well mir musse grondleeënd emdenken an duerfir proposéiere mir och e Moratoire an dëser Fro fir kënnen eng Reform vun der Betribsbesteierung duerchzedenken.

Dir Dammen an dir Hären,

di gréissten Ongerechtegkeete ginn et awer mol net onbedéngt beim Akommes, mee éischter beim Patrimoine, beim Besetz also. An och do glänzt Lëtzebuerg net grad duerch Steiergerechtegkeet.

En Impôt sur la fortune gëtt et net méi, mir fuerdere schonn zënter laangem dass dee rëm muss agefouert ginn.

Am Logement geet guer naischt méi a mir stiechen an enger grousser Krise.

Den Observatoire de l'habitat huet, zesumme mam LISER, am Februar 2019 eng Analyse gemaach iwwert d'Konzentratioun vum Besëtz vu Bauterrain'en zu Lëtzebuerg. Mir hunn do eng Situatioun wou e puer Wéineger bal alles besëtzen.

De Potenzial un Bauterrain'en beleeft sech op bal 3.000 Hektar mat engem Wäert vun 20,7 Milliarden. Dat ass iwwregens ongeféier souvill wéi mer als Réserve am Fonds de compensation vun de Pensiounen hunn.

2016 woren dovunner 65% am Besëtz vu Privatleit, 19% hunn Privatgesellschafte gehéiert a just 15% an ëffentlecher Hand.

EMBARGO jusqu'à 19h00 ce soir

Béi de Privatleit besëtzt den Top 1%, also 159 Persounen, ronn 1 véierels vun der Valeur vun den Terrainen. Dat heescht déi Leit hu fir 21,4 Milliounen Euro Terrain op de Kapp !

Mir wäerten an deene nächsten Deeg och eng Note zur Problematik vum Logement erausginn.

Am Beräich vum Logement musse natierlech och eng Rei steierlech Mesure geholl ginn.

Virun allem musse mer konsequent géint d'Spekulatioun virgoen. Mir kënnen net weider akzeptéieren dass déi eng sech quasi hiert ganzt Liewe verscholden, oder sech selwer keen eegent Haus méi kafe kënnen, wärend déi Aner sech stänneg beräicheren.

Hei ass lo politesche Wëllen a Courage gefuerdert an ech hoffen dass eis Virschléi an dem Beräich net op daf Ouere stoussen.

Dir Dammen an dir Hären,

d'Ëmwelt soll och en Deel vun der Steierreform sinn. Mir sinn och am gaangen eis mat deem Dossier ze befaassen an notamment en Avis auszeschaffen zum Klimagesetz wat jo éischter e Kadergesetz gëtt a wou kéng konkret Mesuren drastinn. Och de Klimaplang wäerte mer nach genau kucken, mee och do sinn am Moment fir eis nach net genuch Detailer bekannt, virun allem wat de soziale Volet betrëfft.

Mee dat wichtegst wat dozou ze soen ass, ass datt d'Klimapolitik nëmme ka klappen wa se sozial gerecht gestalt ass.

Mir hunn an eisem Budgetsavis och eng konkret Mesure virgeschloe fir Augmentatioune vun den Accsisen ofzefiederen, zumindest fir d'Salarié'en déi musse mam Auto op d'Aarbecht fueren. Dat wier d'Aféiere vun engem Steierkredit fir d'Frais de déplacement.

Et ass elo scho mol wichteg, datt d'Frais de déplacement net méi a Fro gestallt gi sinn.

An et wier an sech relativ einfach fir di bestoend Kilometerpauschal ëmzewandelen an e Steierkredit fir dass niddreg a mëttel Verdénger eng Kompensatioun kréien an di aner net.

Haut hunn ech d'Zait net fir weider op dat Thema anzegoen, mee eent ass sécher, eis Chamber beschäftegt sech intensiv mat der Ëmweltpolitik. Well mir stinn am Mëttelpunkt vun allen Interesse vun der Gesellschaft.

An Ëmweltpolitik dierf net géint d'Leit gemeet ginn, mee mat de Leit!

An duerfir brauche mer sozial Kompensatioune fir Leit mat klengen awer och mëttleren Akommen. A mir halen och drop, datt dat ëmgesat gëtt sou wéi et am Moment am Exposé des motifs vum Klimagesetz jo och virgesinn ass.

Mir hunn och wëlles eis mam Impakt vun der Transition écologique op eis Ekonomie ze befaassen. An enger éischter Phase op d'Industrie virun allem.

- wat sin di nei Contrainten,
- wat bedeite se fir di bestehend Industrien,
- wou kann ee sech weiderentwéckelen,
- a virun allem wat sinn d'Konsequenze fir d'Leit déi am Secteur schaffen,
- waat sinn och d'Besoin'en a punkto Weiderbildung.

EMBARGO jusqu'à 19h00 ce soir

Dir Dammen an dir Hären,

A fir eis all fit ze maache fir d'Zukunft, brauche mer insgesamt en zukunftsorientéierte Weiderbildungssystem dee sämtleche Leit, ob jonk oder méi al, onofhängeg vun hirem Bildungsstand Entwécklungsméigelechkeeten opweist fir dass se motivéiert sinn a bleiwe fir sech permanent weider ze bilden.

D'Weiderbildung ass zënter jeehier eng vun den Haaptaufgabe vun eiser Chamber. A mir engagéieren eis mat neien innovative Projeten a konkrete Moossname fir de Leit entgéintzekommen an hinnen dat Wëssen an déi Kompetenzen ze vermëttelen déi se brauchen.

Am Joer 2019 huet ons Chamber nei Formatiounen entwéckelt an ass nei Kooperatioune mat verschiddenen Institutiounen an Organisatiounen agaangen.

Mir haten d'lescht Joer méi wéi 10 000 Aschreiwungen an onser gesamt Formatiounsoffer.

Dat geet vun den Owescoursen, déi onse Spëtzereider sinn, mat 5800 Aschreiwungen, iwwert d'Seminairen, d'Unisformatiounen, d'Zertifikatiounen haaptsächlech am informatesche Beräich, eng spezifesch Weiderbildungsoffer fir d'Senioren an d'Formatioun fir d'Salariatsvertrieder – fir d'Gewerkschaften an d'Personaldelegatiounen.

Wat d'Weiderbildung vun de Personaldelegéierten ugeet wëll ech ervirsträichen datt d'lescht Joer, op Initiative vun der Salariatschamber, zesumme mat de Patronatschamberen, an der Ennerstëtzung vum Aarbechtsministère, eng Reforme vun de Coursen fir d'Personaldelegéiert lancéiert gouf.

Mat iwwer 3100 Aschreiwunge vun Oktober bis Dezember ass dat schonn e Bommesuccès.

A mir hoffen datt dës gutt Aarbecht och am nächste Staatsbudget, déi néideg Ënnerstëtzung kritt.

Dir Damen an dir Hären,

Wat d'Weiderbildung am allgemengen ubelaangt, gesäit de Regierungsprogramm fir datt konkret Mesure sollen ageféiert ginn esou datt sämtlech Salariéen aus sämtleche Secteuren an onofhängeg vun hirem Bildungsstand méi Méiglechkeete solle kréie fir u Formatiounen deelzehuelen.

Ech huelen hei als Beispill de „Compte personnel de formation", den „Droit à la formation" sou wéi och d'Créatioun vun enger Accréditatiounsagence fir d'Qualitéit vun der Weiderbildung ze garantéieren.

Ons Chamber ass prett, déi opgezielte Punkten aus dem Koalitiounsaccord mat hëllefen auszeschaffen
sou datt se vu Notze si fir d'Leit, fir d'Betriber, ons Ekonomie, onstLand.

An deem Kontext proposéiere mir och d'Créatioun vun engem Crédit d'impôts à la formation fir de Leit déi sech wëllen individuell weiderbilden och finanziell ënnert d'Äerm ze gräifen.

En anere wichtegen Sujet deen ugepaakt ginn ass awer leider nach net zu engem Ofschloss komm ass sinn d'Stagen. Zesumme mat de Gewerkschaften a mat de Studentenorganisatiounen ACEL an UNEL setzt d'Salariatschamber sech an fir endlech

EMBARGO jusqu'à 19h00 ce soir

eng generell Gesetzgebung iwwert d'Stagen ze kréie wéi dat och an aneren Länner de Fall ass. Mir wëllen e Gesetz dat Qualitéit fir d'Stagen definéiert an wéi eng Indemnitéit fir d'Stagiaire festleet. Mir maachen en Appel un déi politesch Responsabel fir dëse Projet, deen no vill Aarbecht zu engem Konsens gefouert huet, net ze verwässeren an endlech ze stëmmen.

Dir Damen an dir Hären,

Da komme mer zur Beruffsausbildung.

An eiser stänneg a séier wiesselender Aarbechtswelt, spillt d'Beruffsausbildung haut méi eng grouss Roll wéi jee. Mir gesinn eis do als e wichtegen Acteur. Awer all zesumme musse mer duerfir suergen datt d'Beruffsausbildung nach méi attraktiv gestalt gëtt. Datt déi Jonk vun haut sech fir de Wee vun der Beruffsausbildung interesséieren an entscheeden.

Well haut, an och an Zukunft gi Leit gebraucht déi déi néideg Kompetenzen hunn, déi eegestänneg a kreativ Problemer léise kënnen, an déi wëllen e Beruff mat Zukunft léieren.

An d'Transition écologique, d'Digitaliséierung, d'Économie circulaire, de Wandel an der Aarbechtswelt féieren dozou datt ganz nei Beruffer wäerten entstoen. Datt bestoend Beruffer sech wäerte veränneren.

An duerfir brauche mer e gudden, stabillen koherenten an effiziente System - e System deen am gesamte Schoulsystem seng Platz a seng Daseinsberechtegung huet.

A wann mer vun Beruffsausbildung schwätzen, schwätze mer vum CCP, dem Certificat de capacité professionelle, dee leider vill ze oft vergiess gëtt, vum DAP, der Maîtrise, bis hin zum BTS an zum Bachelor.

Mee leider hu mer zu Lëtzebuerg nach net ëmmer all déi Méiglechkeeten. An duerfir musse mer, wat déi grenziwwerschreidend Ausbildung, den "apprentissage transfrontalier", ugeet, d'Zesummenaarbecht an der Groussregioun – an och doriwwer eraus – verstäerken.

Dir Dammen an dir Hären,

Da kommen ech vun deene ganz Jonken zu deenen déi hiert Beruffsliewen hannert sech hunn.

Dir wësst dass och di Pensionnéiert zënter 2009 Ressortissants'en vun eiser Chamber sinn. An deem Kontext bidde mer och, am Kader vum Vieillissement actif, spezifesch Formatioune fir Seniors'en un. Di pedagogesch Konzepter sinn un den Alter vun de Participant'en ugepasst a mir bidden eng ganz breet Palette vu Formatiounen un : vun Informatik, iwwer méi juristesch Sujet'en bis hin zu Froen iwwert de Bien-être am Alter.

A fir gutt ze liewen am Alter brauche mer awer och gutt Renten.

Mir hunn eis an deene leschte Joren staark fir den Erhalt vun engem Gudden ëffentleche Pensiounssystem agesat a fuerdere Verbesserungen wat d'Assurancenzäiten betrëfft an och Nobesserunge fir di Verschlechterungen déi entstane sinn duerch dee net vollen Ajustement vun de Pensiounen.

EMBARGO Jusqu'à 19h00 ce soir

D'Mindestrent ass net héich genuch, wann een se mat de Liewenskäschten zu Lëtzebuerg vergläicht. Virun allem awer wann ee se mat de Präisser vun engem Altersheem vergläicht. Do ginn et zwar Héllefen, mee déi ginn oft net duer. Och béi enger Duerchschnëttspensioun ass et schwéier sech en Zëmmer ze leeschten an engem Heem.

Dat dierft et an engem Land wéi Lëtzebuerg net ginn. Mir hu kierzlech eng Note zu dem Thema gemaach a fuerderen datt endlech gehandelt gëtt. Mir brauchen Transparenz an de Präisser an besser Héllefen.

Dir Dammen an dir Hären,

Fir ofzeschléissen wëll ech soen datt mir weiderhin d'Gewerkschaften ënnerstëtzen an hire Beméiunge fir am Sozialdialog méi e modernt Aarbechstrecht ze schafen.

Wat méi wéi néideg ass am Kader vum Wandel vun der Aarbechtswelt an den Aarbechtsmethoden, notamment duerch d'Digitaliséierung.

Ech erënneren drun datt mer als CSL, zesumme mat der Chambre de commerce an dem Arbechtsministère, virun e puer Joer eng Etude vun zwee däitschen Instituter maache geloss hunn

- iwwert d'Digitaliséierung zu Lëtzebuerg,
- iwwert de sozialen Impakt dervun,
- Chancen a Risiken,
- an iwwert méiglech Pisten déi ee kann tëschent Sozialpartner diskutéiere fir deenen Entwécklungen Rechnung ze droen.

Dozou gehéiert och d'Aarbechtszäit, an an deem Kontext erënneren ech un eise Quality of Work Index dee mer all Joer zesumme mat der Uni Lëtzebuerg rausbréngen, an den sech 2019 spezifesch mam Thema Aarbechtszäit befaasst huet.

Et gesäit ee leider datt d'Leit ëmmer méi Schwieregkeeten hunn Privates a Berufffleches ënnert een Hutt ze kréien, dass d'Leit déi plein temps schaffen oft gär géife manner schaffen an déi déi temps partiel schaffen oft gär géife méi schaffen. Och Phenomener wéi Mobbing a Burn-out huele leider tendenziell weider zou.

D'Gesondheet an d'Sécherheet op der Arbecht muss Virrank hunn viru Rentabilitéits- a Produktiviéitsiwwerleeungen. Si si souwisou à moyen an à long terme Fakteuren déi d'Produktivitéit erhéijen, zumols an enger Situatioun, wou jo och vu Patronatssäit ëmmer méi de Fachkräftemangel als Problem gesi gëtt.
Allgemeng muss ee soen datt d'Aarbechtsmedizin zu Lëtzebuerg muss méi Moyen'en kréien a reforméiert ginn. Och zu dem Sujet si mer am gaangen eng Prise de position auszeschaffen. Et ass fir eis nach ëmmer kloer datt eng eenheetlech national an onofhängeg Aarbechtsmedizin dee beschte Modell ass an och kann am effizienteste schaffen.

Et stellt een awer och an dem Beräich fest dass op europäeschem Niveau muss méi geschéien. An enger rezenter Publikatioun weist den europäesche Gewerkschaftsinstitut drop hin dass, nodeems ënnert der Kommissioun Barroso 10 Joer näischt geschitt ass an dem Beräich, et zwar di lescht 5 Joer e puer Fortschrëtter gouf, mee dass een awer op ville Punkten net virukomm ass.

EMBARGO jusqu'à 19h00 ce soir

Och hei muss di nei Eu Kommissioun liwweren, woubäi et natierlech och einfach ass ze soen d'Kommissioun. Och d'Memberstaten an domadder di Lëtzebuerger Regierung sinn hei gefuerdert dass di néideg Verbesserunge kommen.

A verschiddene Secteure sinn d'Arbechtskonditioune besonnesch schlecht ; oft sinn dat och nach Secteure wou vill Fraen schaffen. An do geet et net nëmmen em de Salaire.

Ech denken do zum Beispill un den Horecasecteur, un de Commerce, mee natierlech och un de Botzsecteur. Mir hunn do zesumme mat der Plateforme JIF eng Etude beim LISER an Optrag ginn iwwert d'Aarbechtskonditiounen am Botzsecteur.

Dat wäert en Thema sinn an enger vun eise nächste Sëtzunge vum eisem interne Comité à l'égalité an di Etude wäert och Enn Februar, ech hoffen a Präsenz vun der Madame Bofferding, dem Grand Public virgestallt ginn.

Dir Dammen an di Hären,

Dir gesitt, mir hu vill Aarbecht a mir mache se och gären a gutt. Ech kann hei haut net op alles agoen op wat mer schaffen. Duerfir kommen ech dann zum Schluss. Ech soen iech nach eng Kéier alleguerte Merci fir d'Kommen, Merci fir di gutt Zesummenaarbecht am leschte Joer a wënschen iech all Gudds fir 2020.

Ech ginn dann d'Wuert weider un de Fernand Etgen an duerno un de Xavier Bettel, a soen iech Merci fir är Opmierksamkeet.

Luxembourg, le 15.01.2020

EMBARGO jusu'à 19h00 ce soir